# SCHÄFFEROTSERKLÄRUNG

# CSV - Déi Gréng

# 2023-2029

An dëser Legislaturperiod ass et wichteg, d'Richtung fir d'Zukunft ze setzen, andeems een en zolitte Programm opstellt, an awer flexibel an oppe bleift fir nei politesch Erausfuerderungen.

Mir hunn **3 Haaptziler** fir déi nächst **6 Joer**:

1. D'Servicer fir d'Bierger ausbauen
2. En harmonescht Zesummeliewe fërderen
3. Klimaneutralitéit erreechen

## 1. D'Servicer fir d'Bierger ausbauen

### a. Gesondheetsservicer

De Bau vun engem **Centre médical** op der Plaz vum fréiere Policebüro nieft der Gemeng (gemeinsam Praxis mat verschiddenen Dokteren a Spezialisten) ass eng Haaptprioritéit fir eng séier an efficace Betreiung fir Bierger vun all Altersgruppen ze garantéieren. Ausserdeem wäerte mir d'Méiglechkeet virgesi fir e "**Sportsmedizin**" Departement am Centre médical opzebauen, verantwortlech fir Lizenzen un d'Athleten auszeginn.

Mir kucken och dass eng **Apdikt** no bei de Centre médical kënnt, fir dass all Gesondheetsservicer op enger Plaz konzentréiert a moderniséiert kënne ginn.

Nieft der medizinescher Versuergung wäerte mir méi Wäert op d'**Erhale** vun der Gesondheet leeën, andeems mir ënner anerem Aktivitéiten an Informatiounswochen zu dësem Thema organiséieren, wéi z.B. déi mental Gesondheet, kierperlech Aktivitéit, Suchtpräventioun, Präventioun vu verschiddenen Zorte vu Kriibs, alternativ Medizin , ... Ausserdeem wäerte mir net nëmme **Moossnamen** initiéieren, déi zur Verbesserung vun der **Gesondheet** an der **Hygiène** an eiser Gemeng bäidroen (z.B. duerch d'Plange vu klasseschen oder speziellen Éischthëllefs-coursë fir Puppelcher, kleng Kanner oder a Relatioun mat der mentaler Gesondheet a Coursen iwwer d'Benotzung vun Defibrillatoren), mä och spezifesch Projeten ëmsetzen, wéi d'gratis Versuergung mat Hygiènesartikelen an den ëffentlechen Toiletten, d'Installatioun vu Wéckeldëscher an de Fraen- a Männertoiletten, Sonnecrèmespender an Zesummenaarbecht mat der Fondation Cancer, eng Rei vu gesondem Iessen an Automaten,...

### b. Noperschaftsservicer

Och wann den **Akafszenter "Les Arcades"** enger Privatpersoun gehéiert, wäerte mir aktiv zur Moderniséierung vun döser Plaz bäidroen. Duerch eng Upassung vum PAG wäerte mir dofir suergen, datt um Site méi Plaz geschaf gëtt, fir Geschäfter mat alldeegleche Besoinen a Wunnraum (Appartementer fir Jonk an Al), andeems déi aktuell Parkplazen an en ënnerierdesche Parking ëmgewandelt ginn. Dëst kann net nëmmen de Manktem u klenge Wunnengen am Zentrum vun der Gemeng ausgläichen, mee et kann och nei Geschäfter unzéien (z.B. Fitnesszenter, Sportsartikelgeschäft, Kleeder- a Schongbuttek, Blummebuttek, Gesondheetsgeschäft, Snackbar / Take away, Pop-up oder Concept Store, ...).

Selbstverständlech wäerten déi bestoend Butteker wärend der ganzer Ëmbauphas weider funktionéieren (z.B. a modulär Strukturen).

D'Gemeng wäert aktiv un der Moderniséierung vun döser zentraler Plaz deelhuelen, fir lokal Betriber „am Sand" ze förderen an dëse Site zum Wuel vun alle Bierger auszebauen.

Kuerzfristeg wäerte mir d'Organisatioun vun enger **Braderie** ënnerstëtzen, fir der lokaler Geschäftsoffer méi Visibilitéit ze ginn. Aner Initiative ginn och lancéiert, déi d'**Zesummenaarbecht mat lokalen Entreprisen** encouragéieren, wéi z B. Karriärsinformatiounsowenter fir Jonker, Moossname fir d'Visibilitéit vun de lokalen Entreprisen op der Gemengesäit, e lokalen Jobaustausch, ...

Als Gemeng wäerte mir der **Lëtzshop** Plattform bäitriede fir d'Digitaliséierung vum lokalen Handel ze ënnerstëtzen.

### c. Horeca Secteur

Mir wäerten dofir suergen, dass de Gastronomie Secteur an eiser Gemeng weider diversifizéiert gëtt.

De **Restaurant Waldhaff** gëtt zu engem gemittlechen Treffpunkt fir Liibhaber vun Natur an traditionell Lëtzebuerger Kiche moderniséiert. E gëtt ergänzt duerch eng ekologesch Spillplaz, déi d'Natur ronderëm respektéiert.

Am Multigeneratioune-Logement an der rue Laach ass e **literaresche Café** geplangt.

Den ale Bauerenhaff nieft der Spillplaz zu **Iernster** gëtt moderniséiert, vergréissert an un den **Atelier** vun der Ligue HMC verlount, deen do Uebst a Geméis ubaut. Dës lokal Produktioun soll op der Plaz an engem Haffbuttek mat ugeschlossenem Café verkaaft ginn.

Mir wäerten och an de Summerméint e **Kiosk** (mat z.B. Gedrénks a Glace) am **Skatepark** opmaachen, deen als Projet (eventuell a Form vun enger Mini-Entreprise oder engem Innovatiounscamp) funktionéiert an deem déi Jonk sech aktiv dru bedeelege kënnen.

Mir designéiere speziell Plaze fir **Foodtrucke** fir d'Liewen an d'Duerfzentre méi attraktiv ze maachen an d'Restaurantsoffer ze diversifizéieren.

Den **ale Waassertuerm** um Sennengerbierg wäerte mir mat der finanzieller Ënnerstëtzung vum Tourismusministère an en ongewéinleche „Bed and Bike“ Motel ëmbauen.

### d. Sport

An Zesummenaarbecht mam Sportscoordinateur vun der Gemeng an de verschiddene Sportsveräiner wäerte mir en ëmfaassenden Trainingsprogramm "**Nied2Move**" fir all Altersgruppen entwerfen, sief et a Form vu Sportswochen oder klengen Olympesche Spiller fir Jonker oder als Virbereedung op Sportskompetitioune fir Erwuessener. D'Offer soll och fir Senioren a kleng Kanner ausgebaut ginn. Mir ënnerstëtzen d'Grënnung vun engem Fitnesszenter, engem Raum fir Yoga, Aerobic, asw. an der Gemeng.

Mir wäerten de Projet "**Maison Relais a Beweegung**" an de Projet "**Sport ouni Drock**" vum Jugendhaus ausbauen, fir kierperlech Aktivitéit bei Kanner a Jugendlecher ze encouragéieren.

D'**Betreiung vun de Jonken** an de Sportsveräiner muss méi professionaliséiert ginn, esou wéi dat vun de staatlechen Autoritéite gefuerdert gëtt. Fir der domat verbonnener Käschtenerhéijung entgéint ze wierken, wäerte mir déi entspriechend Gemengesubventiounen däitlech erhéijen.

Fir kierperlech Aktivitéit a spontan Versammlungen an de Quartieren ze encouragéieren, ginn an den Dierfer vun eiser Gemeng **ëffentlech Sportsanlage** geschaf, z.B. en zousätzlecht Multi-Sportsfeld, e "Street Ball" Terrain, e "Pump Track" (knubbeleg Streck fir Vëloen), ...

Mir plangen en zousätzleche Schwammbaseng an der **Schwämm**, fir d'Coursë kënnen auszebauen a fir all Altersgruppe Schwammcoursë kënnen unzebidden. Mir wäerten och d'Méiglechkeet ënnersiche fir e natierleche Schwammbaseng a Betruecht ze zéien.

All eis **Trëppelweeër** ginn erneiert an e Self-Trail speziell fir Kanner gëtt ugeluecht, des Weidere gëtt en **Trail fir Mountainbike a Päerd** ugeluecht.

### e. Kultur

De **Centre culturel "Loisi"** gëtt renovéiert a gläichzäiteg ass och eng Festplaz virum Gebai geplangt.

Zousätzlech zu de **Museksklassen**, déi aktuell vun der regionaler Museksschoul Syrdall ugebuede ginn, wäerte mir d'Méiglechkeet analyséiere fir alternativ Musekscoursen unzebidden, wou keen obligatoresche Solfège virdrun néideg ass.

Nom Beispill vum Sports-Coordinateur wäerte mir e **Coordinateur fir Kultur a Soziales** schafen, fir de Veräiner, déi am kulturellen oder sozialen Domaine aktiv sinn, déi bescht méiglech Ënnerstëtzung ze bidden. Dëse Coordinateur wäert fir de kommunale kulturelle Programm an Zesummenaarbecht mat de lokalen Akteuren zoustänneg sinn an de kulturelle Kalenner koordinéieren an aktualiséieren.

Mir wäerten och den ëffentleche Raum méi attraktiv gestalten an dat duerch innovativ Projete vun alternativer Kultur wéi **Urban Art/Street Art**. Esou Projete kënnen och an Zesummenaarbecht mat

Privatleit stattfannen, déi hir Fassad zur Realisatioun vun engem Konschtwierk z.B. zur Verfügung stellen.

### f. Kanner a Jugend

Mir féieren d'Integratioun vu Kanner a Jugendlechen an d'Gemeinschaftsliewe weider (**Niedz4Kidz**) a wäerten e **Coordinateur fir Kanner a Jugendlecher** designéieren.

Am Kader vun Niedz4kidz wëlle mir e **Kannerbüro** fir Kanner a Jugendlecher opbauen, deen hinnen Hëllef a Rotschléi bitt an als Kontaktpunkt déngt. Fir dëse Service wäert d'Gemeng sozio-pädagogescht Personal astellen.

Mir wäerten déi bestoend Kommunikatiounsplattform tëscht den Acteure ronderëm d'Schoul an d'Maison Relais zu enger regulärer **Educatiounsplattform** ëmwandelen. Do wäert dann z.B. e regelméissegen Austausch tëscht der Schoul, der Maison Relais, den Elteren an der Gemeng stattfannen.

Nodeems eis extern Gemengeservicer an nei Raimlechkeete geplënnert sinn, plange mir **d'Entwécklung vum Site nieft dem Gemengenhaus**, andeems mir do eng **Jugendherberg** opbauen, déi net nëmmen Iwwernuechtunge fir jonk Leit, mee och eng **Brasserie** beim Parc de l'Europe ubitt, souwéi e Sall dee fir Gebuertsdagsfeiere gelount ka ginn. Mir kéinten do och eng **Indoor Spillplaz** opbauen, mat **Bowling oder Keelebunn**.

Mir ënnerstëtzen d'Entwécklung vum **Eltereforum** a maachen am **BabyPlus Programm** vun der Initiativ "Liewensufank" mat. All Joer wäert en Informatiounsowend iwwer de lëtzebuergesche Schoulsystem stattfannen.

Duerch d'Schafe vun enger gemeinsamer Ariichtung an der Natur (**Outdoorkids Nidderaanwen**) striewe mir eng qualitativ héichwäerteg **Bildungslandschaft** mat verschiddenen Acteure, vun der Crèche un.

D'**Schoulinfrastruktur** muss séier ausgebaut gi fir déi wuessend Unzuel vun de Schüler opzehuelen. Fir de Cycle 1 wäerte mir en neit Gebai bauen, dat d'Schoul an d'Maison Relais sech kënnen deelen. Mir plangen och en Ausbau vun der Schoulinfrastruktur fir déi aner Cyclen.

Mir wäerte **Crèchen** op verschiddene Plazen an eiser Gemeng ubidden. Nieft dem Scoutshome um **Sennengerbierg** gëtt eng **Bëschcrèche** als zousätzlech Offer ageriicht. Do kommen dann och Dortoire fir d'Scouten hin.

Mir wäerten d'Maison Relais encouragéieren de Kanner gesond, equilibréiert, vegetarescht a, wa méiglech, Bio-Iessen unzebidden.

Mir wäerten dofir suergen, datt d'Spillplazen inklusiv sinn, andeems mir handicapéierte gerecht Spiller installéieren.

### g. Senioren

Mir schafen eng Plattform duerch en Aarbechtsgrupp **Niedz4Seniors**, déi all Servicer fir Senioren koordinéiert.

D'Senioren wäerten och an Atelieren un der Ëmsetzung vum **Multi-Generationsprojet an der rue Laach** involvéiert sinn.

D´Ernennung vun engem **"Senior" Koordinator** vun der d´Gemeng soll dës Servicer weider ausbauen.

Mir wäerten eng Étude iwwert déi zukünfteg Bedierfnesser vum CIPA maachen, fir genuch Zëmmeren zur Verfügung stellen ze kënnen.

Fir déi, déi net am digitalen Zäitalter gebuer sinn, wäerte mir **Coursen an Ënnerstëtzung zu spezifesch technesche Froen** ubidden, souwéi Hëllef beim Asaz vun digitalen Tools (z.B. zu fixe Büroszäiten, ...).

### h. Digitaliséierung

Mir schaffen dru fir de **Site vun der Gemeng** méi attraktiv an userfrëndlech ze maachen, fir esou méi séier Zougank zu Informatiounen ze garantéieren.

Mir gesinn och d´Méiglechkeet fir d'Kommunikatioune vun der Gemeng a gedréckter oder digitaler Form unzebidden. Eng reegelméisseg **Newsletter** gëtt un all interesséiert Persoune geschéckt.

D´**Gemengen-App** gëtt op eng méisproocheg Versioun aktualiséiert fir esou d´Biergerbedeelegung ze erhéijen andeems se hir Iddien oder Virschléi séier matdeele kënnen. Mir wäerten och e Module fir "Carpooling" an eiser Gemeng entwéckelen. De Feedback-Service fir Bierger "Report it" gëtt verbessert a weider ausgebaut. Déi offiziell digital Notifikatioun ("e-Reider") gëtt och iwwert d´App ugebueden.

Mir entwéckelen eng ëmfaassend **Digitaliséierungsstrategie** fir eis Gemeng, fir datt all Déngschtleeschtungen an digitaler Form ugebuede kënne ginn. Déi üblech Servicer ginn natierlech bäibehalen, awer och weider entwéckelt an ergänzt duerch d´Méiglechkeet, administrativ Prozeduren einfach online ze maachen (z.B. Kontroll vum monatleche Waasserverbrauch oder d´Gewiicht vun der Dreckskëscht). Dës Digitaliséierungsstrategie wäert och zu enger weesentlecher Reduktioun vum Pabeierverbrauch féieren.

Als Deel vum Wifi4EU-Programm ënnerstëtze mir d´Expansioun vum **gratis ëffentleche WiFi** an d´Installatioun vun "Hotspots" op strateegesch wichtege Plazen an der Gemeng. Dat existent WLAN-Netz an den ëffentleche Gebaier gëtt perfektionéiert.

### i. Biergerbedeelegung

Mir encouragéieren d'Participatioun vun all eise Bierger andeems mir virun all grousse Projet **Workshoppen** organiséieren. Ofhängeg vum Projet gi flexibel Aarbechtsgruppen ouni Sprooch- an Altersbeschränkungen ageriicht.

Mir wäerten déi **berodend Kommissiounen** opwäerten andeems all Kommissioun zwee Beamten zur Verfügung gestallt kritt fir d'Ëmsetzung vun de geplangte Moossnamen ze ënnerstëtzen.

Mir wäerte **reegelméisseg Biergerkonsultatiounsstonne** mam Buergermeeschter aféieren. Dës solle souwuel telefonesch wéi "online" zu feste Büroszäite stattfannen, fir datt all Bierger en direkte Kontakt mat der Gemengeverwaltung kann hunn.

De **Gemengebudget** gëtt transparent op der Internetsäit vun der Gemeng matgedeelt. D'Bierger kréien och d'Méiglechkeet bei der Preparatioun vun de verschiddene Budgetsposte matzemaachen, duerch "Projetteams", déi hiren eegene Budget kréien.

### j. Personal / Sozialdialog

Fir eiser dynamescher an diversifizéierter Gemeng am beschte kënnen ze déngen a qualitativ héichwäerteg Gemengeservicer ze garantéieren, sinn eis gutt Aarbechtskonditiounen an d'Wuelbefanne vun eise Mataarbechter besonnesch wichteg.

Sozialdialog ass méi wéi nëmmen e Gespréich; et ass d'Häerz vun eiser Zesummenaarbecht. Andeems mir en oppenen a konstruktiven Austausch mat de Sozialpartner an all eenzelne Mataarbechter férderen, stäerke mir d'Vertrauen an d'Harmonie an eise Servicer. Duerch dësen Dialog kënne mir Politik a Projete gestalten, déi de Besoinen an Erwaardunge vun all Eenzelne gerecht ginn.

De sozialen Dialog kann awer nëmmen an engem Ëmfeld opbléien, wou jidderee sech geschätzt a respektéiert fillt. Dofir ass d'Wuelbefannen vun eise Mataarbechter eng bestänneg Prioritéit fir eis. Dofir wäerte mir weider an optimal Aarbechtskonditiounen, eng beräicherend Ausbildung an an eng gutt "Work-Life Balance" investéieren.

Mat dëser Attitüd encouragéiere mir eis Mataarbechter aktiv matzemaachen, hir Iddien ze deelen an un Initiativen deelzehuelen, an esou hëllefen eis Servicer fir d'Gemeinschaft kontinuéierlech ze verbesseren.

Mir gleewen, datt de Sozialdialog an d'Wuelbefanne vun eise Mataarbechter e Fundament fir eng effizient Gemengeverwaltung ass, wou de Bierger am Mëttelpunkt steet.

### k. Sécherheet

Mir maache **Sensibiliséierungscampagnen** an Zesummenaarbecht mat der Police fir d'Zuel vun den Abréch an eiser Gemeng ze reduzéieren.

Mam Bau vun engem neie regionale Policebüro an der route de Trèves suerge mir fir eng verstäerkte Policepräsenz an der Gemeng. Mir wäerten dat néidegt Personal fir dëse Policebüro verlaangen, fir datt d'Police däitlech méi Präsenz op der Plaz ka weisen.

Dëst gëtt de Bierger d'Méiglechkeet z.B. eng méi laang Absence bei der Police ze mellen, sou datt eng verstäerkte Policepräsenz an de betraffene Stroossen an dëser Zäit garantéiert ass.

D'Kompetenze vun den **Agents municipaux** sollen och ausgebaut ginn. Duerch d'Astelle vun engem zousätzleche Beamten, gëtt hir Präsenz virun allem owes an um Weekend erweidert. Dëst wäert d'lokal Präsenz vun de Beamten an den direkte Kontakt mat de Bierger erhéijen.

Op Plaze wou vill Leit zesummekommen, wéi dat schonn am "Skatepark" de Fall ass, wäerte mir eng **Kameraiwwerwaachung** aféiere fir d'Sécherheet ze erhéijen an de Vandalismus ze reduzéieren. Wann néideg, wäerte mir och op eng Kollaboratioun mat Sécherheetsfirmen zréckgräifen. An Zesummenaarbecht mat der Police wëlle mir d'Méiglechkeet ënnersichen, Iwwerwaachungskameraen op den Haaptstroossen oder bei den Haaptentréeë vun de Siidlungen ze installéieren, fir verdächteg Beweegungen am Fall vun engem Abroch ze verfollegen. D'Iwwerwaachung gëtt am strikte Respekt vum gesetzleche Kader duerchgefouert fir d'Privatsphär vun de Bierger ze schützen.

Fir de Verkéier an der Gemeng Nidderaanwen méi sécher ze maachen, wäerte mir bei der Police intervenéiere fir reegelméisseg **Vitessekontrollen** ze maachen. Mir wäerten och déi zoustänneg staatlech Autoritéite kontaktéiere fir d'Méiglechkeet ze studéieren, fix Radaren op den Haaptachsen ze installéieren: route de Trèves a rue du Grünewald.

Am Noutfall muss kompetent Hëllef séier op der Plaz sinn. Dofir wäerte mir eist Bescht maache fir de Programm "**First Responder**" vun de Pompjeeën ze ënnerstëtzen an zesumme mat der Gemeng Schëtter de Bau vun enger interkommunaler Kasär férderen.

Fir d'Sécherheet vun eisen **Hausdéieren** ze verbesseren, plange mir e "Guichet unique" ze maache wou ee verlueren oder fonnten Hausdéiere melle kann.

### I. Kierfechter

D'**Kierfechter vu Senneng an Iernster** ginn nom Modell vum Hueschterter Kierfecht moderniséiert. Mir studéieren och d'Schafe vun engem Bëschkierfecht deen der Gemeng gehéiert.

## 2. Promotioun vun engem harmoneschen Zesummeliewen

### a. Logement

**Jonk Leit** hunn haut Schwieregkeeten eng Wunneng an eiser Gemeng ze fannen. Mee och fir **Senioren**, deenen hir Haiser ze grouss gi sinn, gëtt et schwéier eppes méi Klenges ze fannen.

Mir grënnen e Büro fir **bezuelbare Wunnraum**, deen alle Matbierger, egal ob jonk, al oder sozial benodeelegt, Hëllef ubitt fir ugepassten a bezuelbare Wunnraum ze fannen. D'Offer u Wunnenge wäert zu all Moment um Internetsite vun der Gemeng Nidderaanwen disponibel sinn.

Mir wäerten och bezuelbare Wunnraum **fir jonk Leit** schafen, andeems mir e Projet "Tiny House" an e Projet "Colocatioun" ëmsetzen. Mir plangen och e Logement speziell fir Jonker ″Jugendwunnen″.

Mir wëlle fir jonk Leit, déi hei an der Gemeng opgewuess sinn, et méiglech maachen och hei an der Gemeng ze bleiwen (z.B. duerch niddereg Loyeren, déi et hinnen erlaben Eegekapital opzebauen an e Prêt opzehuele fir spéider dat gelounten Appartement ze kafen). Mir wäerte weider fir d'Konstruktioun vu Logementer plädéieren an Initiativen ënnerstëtzen, déi d′Spuerkultur stäerken.

Mat der SNHBM zesummen wäerte mir an der rue Laach nieft engem ale Bauerenhaff e **Multigeneratiounsquartier** bauen, deen esouwuel Appartementer fir jonk Familljen an Appartementer fir eeler Leit ubitt an och e Betreiungsservice. Am renovéierte Bauerenhaff ass en attraktive ″Literaturcafé″ fir all Altersgruppe geplangt, mat enger Offer vun Iessen a Gedrénks de ganzen Dag iwwer. Kulturell Ateliere ginn och an dëse Raimlechkeeten ugebueden an e Raum fir sozial, musikalesch an artistesch Aktivitéiten. De Club 50 Plus an de Club Senior kréien do Raim zur Verfügung gestallt esou dass d'Offer fir Senioren ausgebaut a regruppéiert ka ginn. Ënnert dësem Daach ginn och Büroe fir Startups mat "Co-working" Raim ugebueden.

Mir wäerten **d'Gemeinschaftsliewe** fir déi eeler Leit ënnerstëtzen. Zum Beispill wäerte mir hannert dem neie Policebüro en intergenerationelle Wunnengsprojet realiséieren.

Et gëtt de Moment e Mangel u **klenge Wunnengen** an eiser Gemeng, souwuel fir déi Jonk wéi och fir déi Eeler. Ouni dës kënne mir déi uewe genannte Prioritéiten net ëmsetzen. Op zentrale Plazen, wéi zum Beispill am lokale Centre commercial, wäerte mir dofir eng méi dicht Bauweis fërderen, wat eng Upassung vun eisem allgemenge Bebauungsplang erfuerdert.

Nodeems d'Voirie "Op der Bunn" op hir nei Plaz geplënnert ass, wäerte mir do e Projet fir kollektiivt Wunnen entwéckelen.

Fir d'Offer u Wunnengen ze vergréisseren, wäert d'Gemeng Nidderaanwen Wunnengsprojeten op kommunalen Terrainen (**bail emphytéotique** z.B.) ënner strikte Konditioune verlounen, fir all Spekulatioun ze verhënneren.

Vernoléissegt Gebaier an Terrainen, déi fir spekulativ Zwecker gehale ginn, mussen engem méi **héijen Taux vun der Grondsteier** ënnerleien.

Nei Chantiere benotzen dacks **Dieselaggretater**, wat e weesentlechen Impakt op d'Ëmwelt huet a verursaache Kaméidi fir d'Noperschaft an d'Déieren . Mir wäerten d'Bautereglement vun der Gemeng esou änneren, dass all Chantier virum Ufank vum Bau säi Stroumuschloss muss maachen.

D'Gemeng hëlt d'Initiativ vum "**Remembrement urbain**" am Kader vun der Ëmsetzung vum PAP Cité Jardin.

Fir deenen zukünftegen Entwécklungen entgéintzekommen, wäerte mir e **komplette Masterplang fir den Zentrum "am Sand"** virbereeden, mam Zil déi néideg Beräicher fir ëffentlech Infrastrukturen ze kreéieren (Schoul, Maison Relais, Sportinfrastruktur, Museksschoul, Centre culturel, CIPA, Syrdall Heem , Seniorewunnengen, ...) a fir d'Entwécklung vum kommerzielle Beräich zu enger "zone miste" ze garantéieren, deen och Appartementer enthält.

### b. Benevolat

**D'Veräiner** leeschten e weesentleche Bäitrag zum soziale Liewen an eiser Gemeng; mir wëllen hinnen dofir déi bescht méiglech Ënnerstëtzung bei hire verschiddensten Aufgaben ubidden.

Mir wäerten e reegelméissegen Austausch tëschent de Sportsveräiner an dem Sportscoordinateur opbauen, fir d'Situatioun vun de Veräiner kontinuéierlech ze bewäerten an entspriechend Mesuren

auszeschaffen. De selwechten Austausch wäert och tëschent de kulturellen, sozialen an Ëmweltverbänn iwwer de kulturelle Coordinateur stattfannen.

Déi **administrativ Prozedure** sinn eng grouss Belaaschtung fir d'Associatiounen. Mir wäerten an dësem Beräich Ënnerstëtzung, ënner anerem digital Plattforme fërdere fir dës Prozeduren ze vereinfachen (wéi d'Gestioun vun de Memberen oder d'Finanzgestioun). Mir ënnerstëtzen och d´Grënnung vun engem digitale Spächersystem (″Cloud″), deen de Veräiner IT-Infrastrukturen zur Verfügung steet.

Fir Veräiner mat héijen **administrative Käschte** gi mir eng forfaitaire Subventioun, fir z.B. eng Persoun anzestellen, déi fir d´Verwaltung vum Veräin verantwortlech ass.

Mir wäerten och méi Unerkennung fir d´Efforte vun de Veräiner am Beräich vun der **nohalteger Entwécklung** ginn.

Well d'Clibb e weesentleche Bäitrag zur optimaler **Integratioun** vun all eise Matbierger leeschten, musse si besonnesch an deem Beräich weider ënnerstëtzt ginn.

Vill vun eise Kulturverbänn hu Probleemer nei jonk Talenter ze rekrutéieren. Mir setzen e Programm ″WeNIED you″ op d'Been fir eben nei Memberen unzezéien. Well de Sportveräiner dacks **Fräiwëlleger** feelen, gëtt och eng Campagne lancéiert fir Fräiwëlleger ze rekrutéieren. Ausserdeem ënnerstëtze mir déi digital Präsenz vun de Veräiner.

Fir d'Benevolat ze honoréieren an d'Zesummenaarbecht tëschent de Veräiner ze fërderen, wäerte mir all Joer e **Benevollen-Owend** organiséieren an e **Verdéngschtuerder fir Benevollen** aféieren.

Fir de Benevolat ze entwéckelen an ze erhalen, schaffe mir mat der Nationaler Fräiwëllegen Agence zesumme fir d´Grënnung vun enger **lokaler Benevolats-Plattform** ze fërderen, wou Veräiner an aner Institutiounen (wéi CIPA oder ″Syrdall-Heem″) engersäits fräiwëlleg Ënnerstëtzung ufroe kënnen, a wou anerersäits Persoune sech kënne melle wa se sech reegelméisseg oder geleeëntlech fir eng benevole Aktioun engagéiere wëllen. De Benevolat bitt eng attraktiv Perspektiv fir Leit, déi an der Iwwergangsphas tëschent Aarbechtsliewen a Pensioun sinn.

Mir wäerten och allgemeng **d'Informatiounen** iwwer de Benevolat verstäerken a Campagnë lancéiere fir Matbierger ze rekrutéieren déi sech lokal engagéiere wëllen.

### c. Integratioun

Eise **Pakt fir d'Zesummeliewen** ëmfaasst all Aspekter vun engem harmoneschen Zesummeliewen an eiser Gemeng.

Well de Schwéierpunkt fir eis um Zesummeliewe läit, wëlle mir méi Treffen ënnert de Matbierger erméiglechen. Fir vun den digitale Méiglechkeeten och an dësem Beräich ze profitéieren, wäerte mir der **HOPLR** enger Noperschaftsapp bäitriede fir esou d'Entwécklung vun enger lokaler Gemeinschaft ze fërderen, a wou d'Leit sech an hirem lokalen Ëmfeld kënnen zesummendinn a sech hëllefen. An deem Kader kann och d'Organisatioun vu Nopeschfester gefërdert ginn.

Eist Engagement fir den Accueil an d'Integratioun vu **Flüchtlinge** gëtt verstäerkt duerch eng Wunnstruktur mat Begleedung.

Fir déi nei Awunner wäerte mir eng **Broschür** erausgi mat alle wichtegen Informatiounen iwwert d'Liewen an der Gemeng.

Mir wäerte reegelméisseg eng "**Sunday Brunch**" Aktioun op d'Been setzen, wou all Matbierger sech treffe kënnen.

Nieft dem Sproochecafé gëtt och **Sproochebegleedung** agefouert an **Ambassadeure gesicht fir déi nei Awunner op déi bescht méiglech Manéier an eis Gemeng anzeféieren**.

Fir déi international Communautéit méi enk an eis Gemeng ze integréieren an d'Kontakter mat eise Partnerstied konsequent auszebauen, wäerte mir en onofhängegen Aarbechtsgrupp fir den "**Douzelage**" (déi 27 europäesch Stied mat deene mir e Jumelage hunn) ariichten. Jiddwereen deen interesséiert ass ka matmaachen. Mir wëllen och Partnerschafte mat Net-EU Länner opbauen an ausbauen. Mir ënnerstëtzen de Gebrauch vun enger App fir den Douzelage besser bekannt ze maachen an den Awunner d'Méiglechkeet ze ginn, mat Bierger aus anere Partnergemengen a Kontakt ze kommen. Do kann een da Reesberodung vun Insider fannen oder Studieméiglechkeete fir jonk Leit. Et geet drëms, den Douzelage erëm nei opliewen ze loossen an de Kontakt tëschent de Bierger vun alle betraffene Gemengen ze erliichteren.

### d. Treffpunkter

Fir en optimaalt Zesummeliewen ze fërderen, brauche mir lokal Treffpunkter.

En éischte Projet an dëser Richtung ass d'**Duerfplaz zu Senneng**. Mir wäerten d'Neigestaltung vum Duerfkär vun Iernster no engem änleche Modell duerchféieren an d'Liewensqualitéit an den Dierfer verbesseren, andeems mir d'**Rue Principale zu Rameldange/Hostert** an d'**Route de Trèves zu Nidderaanwen** ëmgestalte wäerten.

Um **Sennengerbierg** ass, an Zesummenaarbecht mat den Awunner, d'Ëmgestaltung vum Stroossennetz an der Cité Gromscheed als "shared space" virgesinn, wat esou e Pilotprojet fir aner Citéen an eiser Gemeng ka ginn.

Zwou **Spillplaze speziell fir Muppe mat Hondstoilette** si geplangt, fir den Hondsbesëtzer d'Méiglechkeet ze ginn, sech ze begéinen an hiren Hënn de Kontakt mat anere Muppen ze erlaben.

Hannert dem CIPA ass e **Generatiounspark** geplangt a mir wäerte virun allem am Summer de Park beim Kulturhaus méi benotzen.

## 3. Klimaneutralitéit ereechen

### a. Mobilitéit

Mir wäerten en **ëmfaassend Mobilitéitskonzept** fir eis Gemeng entwéckelen, dat eng direkt Busverbindung zum Tram erméiglecht a Verkéiersberouegungsmoossnamen an eisen Dierfer ustrieft.

Eis Gemeng a virun allem de **Sennengerbierg** an d'Géigend ronderëm de Fluchhafen si vun enger substantieller Ännerung betraff. D'Tramverbindung vum Héienhaff an dem Flughafe bitt sech quasi fir eng Reorganisatioun vum ëffentlechen Transport an eiser Gemeng un. Mir wäerten de Bus nach méi attraktiv maachen, andeems mir eng Frequenzerhéijung aushandelen, zousätzlech Bushaisercher bauen an **mBoxen** op strategesche Punkte placéieren, fir de Vëlo sécher kënnen ze parken, wärend d'Rees da mam Bus weidergeet.

Mir wäerten dofir suergen, datt eis Matbierger iwwer eng optimal Verbindung aus all Duerf esou direkt wéi méiglech op de **"pôle d'échange" vum Héienhaff** kommen. D'Situatioun muss verbessert ginn, virun allem zu **Senneng**, dat den Ament net gutt um ëffentlechen Transport ugeschloss ass. Mir wëllen de lokalen ëffentlechen Transport mat präzisen Informatiounen iwwer aktuell Fuerpläng, Verspéidungen, asw. fërderen.

Dofir wäerte mir an eiser Gemeng eng **kreesfërmeg Buslinn** aféieren, déi souwuel de "pôle d'échange" ewéi och den Zentrum "Am Sand" zervéiert.

Mir wäerte weiderfuere fir **Busarrêten** a **Fousgängersträife** konform ze maachen an zougänglech z'amenagéieren.

Och de Regionalbus "**Ruffbus Syrdall**" gëtt ausgebaut, fir der ëmmer méi grousser Nofro gerecht ze ginn. Nieft der Méiglechkeet iwwer Telefon ze buchen, sinn och Reservatiounen iwwert eng App méiglech. D'Disponibilitéite kënnen op der App consultéiert ginn.

Mir wäerte weider de **Vel'OH** System ausbauen, fir datt kuerz Distanze mam Vëlo ofgedeckt kënne

ginn, woubäi d’Verbindung mat de Buslinnen erhale bleift. Mir ënnerstëtzen och d’Verbindung vum Vel’OH-System mat den Nopeschgemenge wéi z.B. d’Verbindung vun Nidderaanwen un d’Gare vu Roodt/Syre a Mënsbech. Mir realiséieren och eng Vel’OH-Statioun nieft dem neie Pôle d’échange Héienhaff, déi mat engem Vëloswee ugeschloss gëtt.

Fir méi Parkplazen “am Sand” op der Nidderaanwener Säit ze kréien an de Mangel u Parkplaze fir d’Festplaz virum Kulturzenter Loisi ze kompenséieren, wäerte mir e **méistäckegt Parkhaus** vis-à-vis vun der Syrdall Schwemm bauen, mat direktem Accès zum CIPA an dem Loisi. Dat Parkhaus gëtt mat enger Fotovoltaikanlag a Luedstatioune fir Elektroautoen ausstafféiert. Dat erhéicht och d’Sécherheet ronderëm d’Schoul an déi ëffentlech Infrastrukturen.

Fir der Uertschaft Nidderaanwen erëm méi Duerfcharakter ze ginn a fir de Foussgänger a Vëlosfuerer Sécherheet a Plaz ze garantéieren, ass eng vun eise Prioritéiten den **Ëmbau vun der Nationalstrooss N1** (route de Trèves) zu **Nidderaanwen**.

Vum Akafszenter aus soll e **séchere Vëlos- a Foussgängerwee** bis an den Zentrum “Am Sand”entstoen.

Och d’**Rue du Grünewald** soll ëmgestallt ginn, mat engem direkte Foussgänger- a Vëloswee zum Fussballsterrain an der nationaler Vëlospist.

Mir wëllen den Trafic an **der Rue Laach an der rue Andethana** reduzéieren a Vëlosweeër integréiere wou et nëmme méiglech ass.

Zu **Rammeldang**, **Hueschtert** an **Ueweraanwen** wäerte mir och sécher Foussgänger- a Vëlosweeër schafen. Fir der besonnescher Topografie vun der Gemeng Rechnung ze droen, kéinte mir iwwert innovativ Iddie wéi z.B. e Vëloslift nodenken.

An der ganzer Uertschaft **Senneng** gëtt eng **30er Zon** ageriicht, an där och d’Neigestaltung vun der Rue du Château an de Gréngflächen integréiert ginn. Och am Rescht vun der Gemeng, wou dat duerch optimal Schëlter a Buedemmarkéierung méiglech ass, soll Tempo 30 agefouert ginn. Mir ënnerstëtzen aktiv d’Aféierung vun enger 30er Zon op den nationale Stroossen an der Gemeng !?.

Fir de Stroosseverkéier esou vill wéi méiglech ze reduzéieren, wäerte mir ausser fir d’Awunner aus der Uertschaft Parkbeschränkunge fir Autoen an der ganzer Gemeng applizéieren,. Dofir gëtt den aktuelle System vum **Awunnerparking** weiderentwéckelt a selektiv ugepasst, zum Beispill andeems d’Parkzäit op bestëmmte Parkplazen op 5 Stonnen erhéicht gëtt.

Mir fërderen de “**Carpooling**” an d’Grënnung vun **zousätzleche Luedstatioune** fir Elektroautoen, a schaffen och un engem Elektromobilitéitskonzept fir de ganze Gemengenterritoire.

Mir wäerten aktualiséiert **strateegesch Kaméidikaarten** ufroen fir d'Kaméidibelaaschtung vum Pôle d'échange an eventuell Ännerunge vun de Flugschneisen ze analyséieren.

### d. Energietransitioun

Eist Zil fir 2030 ass en **100% klimaneutralen Energieverbrauch an de private Stéit** ze erreechen. Dofir wäerte mir e massive **Fotovoltaik-Mesurëpak** lancéieren an d'Installatioun vu Wandrieder eescht huelen. E Wandrad produzéiert Stroum fir 2500 Stéit, wat de Moment der Gréisst vun eiser ganzer Gemeng entsprécht. Dat ass Grond genuch fir dës Méiglechkeet ze berücksichtegen. D'Bierger gi vun Ufank un an d'Planung involvéiert. Wann e Wandrad installéiert ass, soll et och de Bierger erlaben sech un der Investitioun ze bedeelegen.

Dofir gëtt eng **speziell Kommissioun** agesat, där hir Haaptaufgab et ass, e Gemengeplang fir esou eng Energietransitioun auszeschaffen. Dës Kommissioun ass och verantwortlech fir d'Ausféierung vun dësem Plang.

**D'Installatioun vun enger Fotovoltaikanlag ass obligatoresch** fir all nei Gebaier.

Mir beroden existéierend Betriber wéi se op déi beschtméiglech Manéier hir Daachflächen effizient fir Fotovoltaik notze kënnen. Mir wäerten awer och d'Subventioune fir Privatstéit erhéijen, déi sech fir eng Fotovoltaikinstallatioun entscheeden.

Mir bauen eng **Fotovoltaikanlag, déi de Parking virun der Maison Relais Am Sand iwwerdeckt**, eng nohalteg Energieproduktioun erméiglecht an am Summer fir Schiet um Parking suergt. Mir analyséieren och, fir Luedstatioune fir Elektrobussen ze installéieren a fir d'Schoulbusse komplett ze elektrifizéieren.

Mir wäerten d'Méiglechkeet ënnersiche **virtuell Energiegemeinschaften** ze kreéieren déi d'Produktioun vun elektrescher Energie mutualiséieren.

**Campagnë fir d'Sensibiliséierung vun der thermescher Isolatioun** vun Haiser fir d'Energieeffizienz un existéierenden Haiser ze optimiséiere si virgesinn.

Eng grouss Erausfuerderung ass **d'Versuergung mat Wäermt, besonnesch duerch d'Notzung vu Wärmepompelen**. Mir wäerten d'Méiglechkeet vun nidderegtemperatur Heizungsnetzwierker analyséieren an nei Quartieren entwerfe fir energieeffizient an energeetesch autonom ze sinn.

All **regional Energiekooperativ** soll zousätzlech Daachfläche fir Fotovoltaiksystemer kréien (z.B. de

ganzen Daach vum CIPA oder der Schwämm). All Bierger an och all Awunner vum CIPA an hir Famille kréien d'Méiglechkeet sech un der Kooperativ, déi de Fotovoltaïkdaach notzt, ze bedeelegen. Mir wäerten och d'Professionaliséierung vun den Energiekooperativen ënnerstëtzen.

Eist laangfristegt Zil ass et, en Energieiwwerschoss um Territoire vun der Gemeng ze generéieren. Dëst ass deen eenzege Wee fir Klimaneutralitéit weltwäit ze erreechen. Mir wëlle virun allem Solidaritéit mat de Länner aus dem Süde beweisen an **zousätzlech Energieprojeten** ausserhalb vun eise besteeënde Kooperatiounsprojeten ënnerstëtzen.

Mir presentéieren en **ambitiéise Renovéierungspak** fir all d'Gemengegebaier.

Mir wëllen eng **digital Plattform** schafe **fir d'Verlounen an d'Deele** vun Apparater an Handwierksgeschier, an där och lokal Entreprisen bedeelegt ginn.

Nëmmen als Gemeinschaft kënne mir déi enorm Erausfuerderung vum Klimawandel unhuelen. Dofir wëlle mir en **alljärleche kommunale Klimaforum** organiséieren a konkret Ziler setzen, déi mir zesummen ëmsetze wëllen.

En **intelligenten digitale Gestiounssystem** soll fir den Energiemanagement vu kommunale Gebaier agefouert ginn, deen de ganzen Energieverbrauch vun de Gebaier geréiert a kontrolléiert. All Bierger soll d'Energieproduktioun an den Energieverbrauch op der Internetsäit vun der Gemeng kënne gesinn.

Nodeems mir all Gemengestrossen op LED-Beliichtung ëmgestallt hunn, wëlle mir **intelligent Beliichtungssystemer** an de Wunngebidder installéieren, fir de Stroumverbrauch weider ze reduzéieren. A bestoende Wunngebidder wëlle mir weider Erspuernisser erreechen andeems d'LED Beliichtung nuets reduzéiert oder ausgeschalt gëtt.

All Gemengeprojet gëtt engem **Klimacheck** ënnerworf ier e gestëmmt gëtt. Mir wäerten och dofir suergen, datt d'Projeten am Ganze fir jiddereen zougänglech sinn.

### c. Ressourcen

E **moderne Ressourcenzenter** (amplaz de Recyclingszenter) ass eng aner vun eisen absolutte Prioritéiten. Do kënnt eng erweidert Second-Hand-Sektioun ("Second Hand Shop") dran an e Reparaturatelier, wou gebrauchte Saache reparéiert an zu engem gënschtege Präis verkaf kënne ginn.

Mir wëllen déi **lokal Wirtschaftskreesser** stäerken andeems mir den Austausch tëscht de verschiddene wirtschaftlechen Akteuren ënnerstëtzen an hinnen hëllefen eng gutt Offallgestioun kënnen ze bedreiwen.

Mir mussen eis bewosst sinn datt eis Gesellschaft zevill Ressourcë verschwent. Vun elo un musse mir op eng **nohalteg Ekonomie** setzen, op e konsequente Recyclage vu Materialien déi net méi als Offall behandelt ginn. Mir brauchen dofir nohalteg Offeren aus lokalem a regionalem Eenzelhandel, Tourismus, Handwierk an Industrie.

Mir fërderen **nohaltegt Bauen** mat recycléierte Materialien (Cradle to Cradle/LENOZ Critèren, ...) a suerge fir eng optimal Notzung vun der bestoender Infrastruktur. Fir nei Projete wäerte mir eng Positioun Gesamtkäschte vun der Eegentumsbewäertung bei Ausschreiwungen dobäisetzen.

En **Offalltrennsystem** op ëffentleche Plazen ass geplangt.

Fir zousätzlechen Dreck (**Littering**) op den Autobunnen ze vermeiden, wëlle mir fir d'Installatioun vu speziellen Ofänknetzer bei den Entréeën a Sortië vun den Autobunne plädéieren, wou eidel (Fläschen, Dousen, asw.) kënnen drageworf ginn, e System deen an Holland scho ganz gutt funktionéiert.

Donieft muss d´Aféierung vun enger **wäisser Dreckskëscht** fir Valorlux-Offall iwwerpréift ginn.

Fir eng **optimal Waasserversuergung um Sennengerbierg** ze garantéieren, wäerte mir eng nei Waasserleitung op de Flughafen an en **autonome Waasserbaseng um Flughafen** selwer installéieren.

Fir eng hydrologesch Krisesituatioun an de Summerméint ze vermeiden an den Zougang zu propperem Drénkwaasser ënner allen Ëmstänn ze garantéieren, wäerte mir **zousätzlech verfügbar Quellen** an der Gemeng faassen.

D'**Drénkwaasserverdeelungsnetz** vun de Gemeng gëtt renovéiert an digitaliséiert fir Verloschter ze vermeiden.

Mir wëllen eis Matbierger iwwer de Verbrauch/de Konsum vum Drénkwaasser sensibiliséieren a **lokal Drénkwaasserstatiounen** op ëffentleche Plazen, an a Gemengegebaier opriichten, fir datt jiddereen, an och eis Muppen, e bequeemen Zougank zum Drénkwaasser hunn. Mir encouragéieren eis lokal Geschäfter, Baren a Restauranten un der "Refill" Campagne fir Drénkwaasser deelzehuelen.

Fir eng nohalteg Notzung vum Drénkwaasser ze garantéieren, wäerte mir **d´Gemengentaxen** iwwerschaffen an e progressive Steiersaz aféieren (vergläichbar mam Prinzip "Pollueur-Payeur" am Offallsecteur).

D´Ëmsetzung vun engem **Reewaasser-Opfänk System** wäert obligatoresch fir all nei Gebaier ginn.

D´**Kläranlag** zu Iwwersyren muss dréngend ausgebaut ginn, fir mam Wuesse vun der Populatioun mathalen ze kënnen.

Mir verpflichten eis och eise **Maart** ze revitaliséieren an auszebauen, fir e méi attraktiv ze maachen, besonnesch am Wanter, andeems e méi zentral an den Zentrum "**Am Sand**" verlagert gëtt an andeems en en Daach driwwer kritt.

Mir setzen eis dofir an, dass reegelméisseg en **Occasiounsmaart / Floumaart** an e Maart fir gebrauchte Vëloen ofgehale gëtt.

Mir wäerten d'Landwirtschaftsbetriber ënnerstëtzen, fir eng direkt **Vermaartung vun hire lokale Qualitéitsprodukter** selwer ze iwwerhuelen andeems se se um Gemengemaart oder direkt um Haff verkafe kënnen.

Mir wëllen Initiativen ënnerstëtzen déi fir eng **nohalteg an alternativ Landwirtschaft** am Zesummenhang mat der Uebst- a Geméisproduktioun stinn, wéi z.B. Gemengegäert ariichten (Beispill: Aanwensgaart), Kooperative wéi TERRA, solidaresch Landwirtschaftsprojeten oder Bauerenhaff, déi duerch Beschäftegungsinitiative geleet ginn. Mir brauchen eng Landwirtschaft, déi ëmmer méi op Bio-Landwirtschaft ausgeriicht ass.

Mir kënnen z.B. d'Notzung vu **lokalen Akafsbonge** proposéieren, déi bei besonnesche Geleeënheeten oder fir Verdéngschter vun der Gemeng un d´Bierger verdeelt ginn, an déi nëmmen am lokalen Handel an Horeca-Etablissementer ageléist kënne ginn.

### d. Natur

Eng **intakt Natur** ass vital fir all Arten an Organismen déi entscheedend si fir der Mënschheet hiert Wuelbefannen oder Iwwerliewen. Natur schützen heescht och Mënsche schützen.

De Klimawandel ass reell a mir mussen eis haut dorun upassen. Fir d'**Liewensqualitéit** an eisen Dierfer ze verbesseren, gi mir net nëmmen d'Ausschaffe vun engem Klimaadaptatiounskonzept an engem Noutfallplang fir extrem Wiederkonditiounen un, mee och déi konsequent Ëmsetzung vum Naturpakt. An deem Kontext wäerte mir e méi ëmweltfrëndlecht Méie laanscht d´Feldweeër z.B. ëmsetzen.

Fir de **Risiko vun Iwwerschwemmungen** duerch staarke Reen ze reduzéieren, plange mir multifunktionell an natierlech "Rückhaltebecken". Zousätzlech ginn d´Awunner iwwer "Rückhalte" Méiglechkeeten op Privatproprietéiten informéiert (e gréngе Planzendaach, Reewaassersammelsystemer).

An Zesummenaarbecht mat der biologescher Statioun SIAS gëtt d'Berodung am Fall vun engem **Harespelsnascht** verbessert.

Mir ënnerstëtzen d'**Renaturatioun** vun de Baachen, d'Schafe vun engem natierleche **Fräizäitberäich am Zentrum "Am Sand"** an engem intergenerationelle Park hannert dem CIPA, vun deenen esouwuel d'Natur wéi och eis Matbierger profitéieren.

Fir vun der Gemeng an Associatiounen organiséiert Eventer ënnerstëtze mir d´Critèrë fir "**Green Events**".

Mir wäerten en Aktiounsplang opstelle géint d´**Liichtverschmotzung**.

Fir d´Gréngzonen ze vergréisseren an déi extreem Temperaturen ze reduzéieren, besonnesch am Summer, plange mir **all Joer 100 nei Beem** an den Dierfer ze planzen (op Spillplazen, Duerfplazen,

laanscht d´Stroossen, …) an e "Parrainage"-System fir dës Beem anzeféieren. Méi ëffentlech Bänke ginn opgestallt, fir déi och e Parrainage-System ewéi bei de Beem opgestallt ka ginn.

Fir Hëtztinselen ze verhënneren, suerge mir dofir datt frësch **Loft-Couloiren** bei der Planung vu Gebaier garantéiert sinn.

An all eisen Uertschafte musse systematesch **Schietplazen** entstoen, andeems Sträicher, Hecken an héich Beem gepflanzt ginn, an och gréng Sträifen laanscht Stroossen an Trottoiren entstinn. Wéinst deenen ëmmer méi heefegen Hëtztwelle gesi mir d´Uplanze vun Zierbeem wéi Platanen op Haaptstroossen an de Wunnquartieren a laanscht Wanderweeër vir.

Mir wäerten eis u Projete wéi **"Urban gardening"** bedeelegen andeems mir Uebstbeem op ëffentleche Plaze planzen a mir wäerten e **kommunale Schoulbongert** uleeën.

Mir ënnerstëtzen d´**Begréngung vu Fassaden an Diech** mat Subventiounen.

Gläichzäiteg musse mir Moossname géint déi ëmmer méi **groussflächech Buedemversigelung** huelen, z.B. am Kontext vun neie Lotissementer, op Parkplazen a Virgäertercher.

Zum Schluss, fir de Wanterdéngscht ze optimiséieren an d'**Salzverschwendung** ze vermeiden, ass et wichteg déi grouss Héichtenënnerscheeder tëscht den Uertschaften an der Gemeng ze berücksichtegen a fir all Uertschaft e separaten an ugepasste Wiederwarnplang opzestellen.

## Finanzement

Vill **wichteg Investitioune** wäerten an dëser Legislaturperiod néideg sinn, fir eis Gemeng gutt op d´Zukunft virzebereeden.

Fir sécherzestellen, datt eis Gemeng weider **stabil Finanzen** huet, preparéiere mir bis 2030 en detailléierte Finanzplang iwwert méi Joren. Nodeems mir eis Recetten, besonnesch duerch d´Gewerbesteier, gedeckt hunn, musse mir och no anere Weeër siche fir nei Recetten ze generéieren (z.B. duerch d´Erhéijung vun der Grondsteier fir Betriber, vun där d´Gemeng direkt profitéiere kann).

## Zoustännegkeetsberäicher

### Fréd TERNES, Buergermeeschter

- Personal an Organisatioun vun der Gemeng
- Sécherheet, Gesondheet an Noutfall Servicer
- Educatioun, Kanner, Jugend a Weiderbildung
- Senioren an intergenerationell Projeten
- Raumplangung a Logement
- Kult
- Kommunikatioun a Biergerbedeelegung

### Josselijn DE VRIES, Schäffen

- Finanzen
- Klima an Energie, Waasser an Offall
- Natur an Ëmwelt
- Mobiliteit
- Integratioun an Zesummeliewen
- Kultur a Musek
- Jumelage

### Jacques BAUER, Schäffen

- Wirtschaft (Geschäfter, Firmen, Horeca, Tourismus)
- Fräiwëlleg Aarbecht a Veräinsliewen
- Sport
- Chancëgläichheet a sozial Affären
- Hëllef fir Entwécklung
- Gemengebau
- Digitaliséierung